N°4389
Entrée le 14.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vun der Madamm Martine Hansen, Sportsministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 4389 vum honorabelen Deputéierten Mars Di Bartolomeo**

**1° Ass et méiglech, den zweete Baseng, dee virun allem vum Schwammsport genotzt gëtt, ënner gewësse Conditiounen och fir d'Fräizäitschwëmmer opzemaachen?**

**2° Kann esou eng Solutioun schonns ab dem 17. Juli gëllen?**

Et konnt eng Léisung fonnt ginn, fir de Fräizäitschwëmmerinnen a Fräizäitschwëmmer ab dem 20. Juli ënner gewësse Konditiounen den Accès zum Trainingsbaseng z'erméiglechen.

Dëst gëllt fir zwou Perioden, vum 20. Juli bis de 7. August an erëm vum 24. August bis den 13. September 2026.

Tëscht dësen zwou Perioden, vum 8. bis den 23. August 2026, fënnt den alljärlechen Entretien vum 50-Meter-Trainingsbaseng statt.

D'Coque huet an dem Sënn och schonns op hirem Internetsite kommunizéiert.

**Lëtzebuerg, den 14. Juli 2026**
D'Sportsministesch
(s.) Martine Hansen